Informatiounsveranstaltung MOUVECO

Mëttwoch, den 11. Februar 2015

18:15 am Oekozenter Pafendall , 6, rue Vauban, Luxemburg

Léiw Ministeschkollegin,

Madame Presidentin,

Dir Damen an dir Häre,

Fir d 'éischt wollt ech iech Merci soen fir d 'Invitatioun.

Merci, datt den Landwirtschaftsminister bei dëser Informatiounsveranstaltung d 'Méiglechkeet kritt, fir **seng Siicht, zu dësem wichtegen Thema duerzeleeën.**

Ze oft sinn an der Läscht Tatsaachen falsch an eesäiteg duergestallt ginn, absichtlech aus dem Kontext gerappt ginn, fir domatter Politik ze maachen .

Ech well virausschécken, datt ech selwer, an och de landwirtschaftlechen Secteur, **des Pestizidproblematik ganz seriös hëllt. Mir sinn bereet alles ze maachen wat néideg ass, fir datt mir proppert Drénkwaasser kréien.**

Sou wéi ech dat am Virfeld vun der Madame Presidentin, dem Blance Weber gefrot gi sinn, maachen ech fir d 'éischt een kuerzen Bilan vun deem wat bis elo gemaach ginn ass:

De Landwiertschaftsministère kofinanzéiert schonns zënter den 90er Joeren Wasserschutzberodung, an dëst a Gebidder, déi jo lo endlech, wann ech der Madame Dieschbourg gutt nogelauschtert hunn, an ech hunn gutt nogelauschtert, sollen schnell ausgewisen ginn:

Den Stand 2014 war folgenden:

- D'Landwirtschaftskammer gëtt ënnerstëtzt vum Landwirtschaftsministère an huet 2014 Berodung a 13 Wasserschutzzonen gemaach. Der Kammer stinn 7,5 Beroder zur Verfügung déi iwert 6000 ha betreit hunn.
- Convis gëtt ënnerstëtzt am Beräich vun der ganzheetlecher Betriebsenergiebilanzierung, wou et notamment drëm geet, fir d'Stoff-flëss ze optiméieren an den Impakt ob d'Emwelt ze reduzéieren. Convis huet donieft nach ronn 280 Düngepläng gemaach. Sie sinn och aktiv an engem Wasserschutzgebidd.

- De Naturparkoewersauer gët zennter den 90 er Joeren ennerstëtzt fir proaktiven Wasserschutz ze machen. Aktuell sinn 5400 ha ënnert Berodung, de Baueren steet zënter dem Joer 2000 een (1) Agraringenieur zur Verfügung; 80 Baueren huelen un der Berodung deel.
- Zur Wasserschutzberodung kann een sécherlech och d'Bioberodung zielen, déi vum Landwirtschaftsminisitère zënter Joeren souwuel am Weinbau wéi an der Landwirtschaft substantiell ënnerstëtzt gëtt.
- An Zesummenaarbecht mat dem Centre de Recherche Public Gabriel Lippmann huet d'ASTA fir déi meeschte Kulturen Prävisounsmodeller fir Pflanzenkrankheeten entwéckelt a Wiederstatiounen opgebaut, déi de Baueren hëllefen, fir nëmmen dann ze sprëtzen , wann et am meeschten dingt.
- Mir hunn eng ganz Rei Aiden un d'Baueren ausbezuelt, fir datt gezielt an Wasserschutzgebidder manner gedüngt a gesprëtzt gëtt, Zwëschfruchtubau gemeet gëtt, Düngepläng obgestallt ginn an d'Baueren hir Sprëtzen kontrolléieren loossen.
- Doniewt ginn et nach d' Contrats de rivière am Naturpaerk Uewersauer, ob der Our, der Syr, der Attert an der Alzecht déi vum MDDI ënnerstëtzt ginn, sech virun allem dem milieu *„rivière"* zouwenden, awer och punktuell Froen am Bereich vun der Landwirtschaft traitéieren.
- Net ze vergiessen de Projet JB & JW / Oekozenter déi an deenen leschten Joeren an dësem Beräich och aktiv waren, an vum Landwirtschaftsministère och ënnerstëtzt gi sinn.

Des Lëscht ass sécherlech nët vollstänneg, mee gëtt dach en gudden Iwwerbléck, wat bis lo alles gemaach ginn ass.

Mir hunn an der neier Planungsperiode 17 Mio € fir d' Berodung virgesinn. Dës stinn, *zur Informatioun fir d'Kritiker vun eisem PDR,* nët am PDR, mee sinn als Aides d'Etat ageplangt. Dës Suen sinn selbstverständlech nët alleng fir d'Wasserschutzberodung, mee d' Wasserschutzberodung duerf een nët isoléiert gesinn. Sie muss integralen Bestanddeel vun quasi all Betriebsberodung sinn, well den Waasserschutz eventuell Auswierkungen ob déi ganz Betriebsorganisatioun kann hunn.

Dofir warnen ech dofir, just eng Berodung unzebidden, déi als eenzechen Objektiv de Waasserschutz huet. De Beroder muss d'Méiglechkeet hunn, fir ob een multidiziplinärt Team kennen zréckzegreifen wou all d'Facetten vun der Wasserschutzberodung kennen analyséiert ginn. Dëst geet vun der Geologie, iwwert Düngeberodung, der Pflanzenschutzberodung bis zur betriebswirtschaftlicher Berodung. D'Resultat muss sinn, dass niewt propoeren Wasser**, fir de Bauer och eng betriebswirtschaftlech Perspektiv dobäi rauskënnt**.

An Zukunft geet et dofir drëm, déi bestehend Servicer ze stäerken an auszebauen resp. an eng bestehend Struktur ze integréieren.

Dir gesitt an der Vergangenheet ass schons villes gemach ginn.

Firun kurzem huet een zu mir gesot, *är ganz Berodung ass jo näischt, soss hätten mir jo proppert Drénkwaasser, an d'Baueren maachen jo egal waat.*

Dozou soen ech, **d'Baueren hunn sech un all Gesetzer gehalen. Sie hunn déi Mëttelen agesat, déi erlaabt waren. Ech wieren mech dergéint fir d 'Baueren hei un de Pranger ze stellen.**

Och d'Berodung ass ob déi Problemer agaangen, déi bekannt waren.

Metazachlor-ESA war virun dem Accident vum 17 ten September 2014 hei zu Lëtzebuerg am Drénkwaasser keen Thema. Ech denken den Herr Zwank kann iech dat bestätegen.

Also weder de Bauer, nach d'Berodung haten iwerhaapt eng Chance, heirop ze reagéieren. Dest ass mir wichteg ze soen, a virun allem deenen Leit, déi mengen, et wier bis elo alles a vun jiddwerengem falsch gemaach ginn.

Fir kennen gezielt virzegoen, brauchen mir Waasserschutzgebidder. Fir d'Ausweisung **ass nët** de Bauer responsabel, mee d 'Politik, an d'Madame Dieschbourg, als zoustänneg Ministerin, huet eng kloer Perspektiv obgezeechent, **an hëlt hei Responsabilitéit**.

Mir wessen lo durch dësen Accident, datt mir een graven Problem mat verschiddenen Pestizidien hunn, an dofir hunn ech och schnell reagéiert:

- Nom Accident hunn ech meng Servicer ugewisen, all Donnéen pkto Kulturen an agesaaten Sprëtzmëttelen obzebereeden an un d'AGE an d' SEBES weiderzeginn. Den SER huet eng schnell a gutt Arbecht gemach an d'AGE huet des den 2/12/14 krut, d'SEBES deelweis no hiren Anzuchsgebidd obgeschlesselt den 22/12/2014. Ech wëll an dësem Bereich voll Transparenz schaafen, d'Landwirschaft huet hei näischt ze verstoppen. Et geet drëm fir Vertrauen ze schaafen, **eng echt Partnerschaft** vun allen Acteuren hinzekréien. Dozou muss een och ergänzen, datt den Metazachlor nët **nei** ass, an d'ASTA d'AGE schons 2011 doropshigewiesen huet, datt dësen Wierkstoff am Ausland am Drénkwaasser fonnt ginn ass.
- D'Fill, d'Fördergemeinschaft fir integréiert Landbewirtschaftung, eng Organisatioun wou notamment d'Baueren, d'Ackerbauschoul, déi landwirtschaftlech Verwaltungen an d'Landwirtschaftskammer aktiv sinn, huet zesummen een Forschungs- a Berodungsprogramm entwéckelt, fir gezielt Änwerten an evt. Alternativen beim Asaz vum Metazachlor ze fannen. Ech hun mech dofir agesaat, fir dësen Projet notamment mat Fuerschungsgelder kennen ze finanzéieren.
- D'ASTA huet Kontakt mat dem Centre wallon de recherche agronomiques obgeholl an eng gemeinsam Reunioun mat MDDI, AGE an List organiséiert, fir

een System pkto Ermëttlung vun lokalen Pollutiounsrisken vun eenzelen Sprëtzmëttelen ob d'Been ze setzen.

- D'Regierung huet kurzfristeg 3 Task-Force Gruppen an d'Liewen geruff, fir am Waasserschutzbereich, um Niveau vun den Aiden fir d'Baueren an am Bereich vum Plan d'Action Pesticides méi schnell weiderzekommen.

Éischt Konklusiounen sinn folgend*: (Vielleicht huet d'Mme Dieschbourg dest schons gesot)*

- Ab direkt ass den S-Métolachlore, deen am Mais agesaat gët, landesweit verbueden, do ginn et genuch Ersatzprodukter, déi och nët vill méi kaschten.

- De Métazachlore, dat Produkt wat am Raps agesaat gët, gët ab direkt an deenen provisorischen Drënkwasserschutzzonen verbueden. Dozou gehéiert och d'Anzuchsgebitt vum Stauséi. Dëst mécht ronn 10 % vum Land aus, wouvunner 50 % am Besch léien. Mir haten 2014 ronn 3.700 ha Raps zu Lëtzebuerg. Dovunner ronn 200ha am Stauséigebidd an 380ha an aneren Drénkwaasseranzuchsgebidder.

- De Métazachlore duerf an Zukunft nemmen méi mat 0,75 kg/ha all 4 Joer ob der selwechter Parzell agesaat ginn. Dëst bedeit am Prinzip eng Fruchtfolleg vun 4 Joer am Raps. 2014 waren 37 % vum Raps an enger Fruchtfolleg, déi méi kléng war.

- Dësweideren ass décidéiert ginn, eng Solutioun bis Enn des Joeres auszeschaffen, fir d'Kontamminatioun vum Drénk- an Uewerflächenwasser pkto Métazachlore weider kënnen ze reduzéieren. Ech verweisen an dësem Zesummenhang notamment ob de Projet vun der FILL.

- D'Chamber huet am Dezember iwwert Gesetz vun den produits phytopharmaceutiques ofgestëmmt, dëst ass den 23ten Dezember 2014 am Mémorial publizéiert ginn. Mir hunn also lo endlech déi néideg base légale fir och hei weider ze kommen. Déi entspriechend Reglementer sinn am gaangen ausgeschafft ze ginn. Och am Aarbechtsgrupp Plan d'Action ginn d'Arbechten gutt weider, sou datt mir geschwënn mat konkreten Resultater kennen rechnen. **Eng cibléiert Weiderbildung ass hei een Schwéierpunkt.** Dofir ass geplangt d'Weiderbildung an Zukunft obligatoresch ze maachen fir déi Leit, déi an hirem Beruff mat Spretzmëttelen schaffe mussen. Dat betrëfft net nëmmen d'Baueren mee och d'Gemengepersonal, d'P&CH, d'Landschaftsgärtner asw...
  Aus dem Ausland ass zBsp. bekannt, datt iwert 50% vun den Mëtteleinträg an d'Gewässer aus Punktquellen kommen, wéi zum Bsp.: Ofschwemmung, Abdrifft, beim Sprëtzespullen etc. Dëst sinn relativ einfach vermeidbar Quellen, déi ouni gouss Investitiounen kënnen vermieden ginn. Hei spillt Weiderbildung eng

wichteg Roll. D'Landwirtschaftkammer huet lo rezent am Stauséigebidd virun iwert 100 Baueren doriwwer een Virtrag gehalen.

- Mir hunn nachmol mat den Responsabelen vum MDDI an mat der AGE een Screening vun eisen programméierten Aiden pkto Pestiziden virgeholl, dëst am Liicht vum Accident vum 17ten September.
  D'Konklusioun war unanime, mir hunn eng ganz Rei sënnvoll a cibléiert Aiden an dësem Beräich virgesinn, fir eng Reduzéierung vun den Pflanzenschutzmëttelen ze garantéieren.
- Zur Ennerung, fir méi ökologesch ze schaffen, gëtt och d'Bioprime an d'Lucht gesat. Den MDDI ass am gaangen nach eng weider Propose auszeschaffen, déi evt. kann am Kader vun de Mesures de coopération mat deenen resp. Waassersyndikater agesat ginn. D'Mme Dieschourg huet jo ugdeit, datt an Zukunft och den Fonds de l'eau méi well an präventif Mesuren investéieren an hei den Waasserversuerger och ënnert d'Ärm greift.

- Punkto Investitiounbeihëllefen ass zréckbehalen ginn, datt kéng spezifesch Investiounen a Waasserschutzgebidder mussen gemaach gin, wéi déi, déi soss üblech sinn. Dëst sinn déi leschten Informatiounen vun der AGE. Wann dëser am Kader vun deenen ganzen Etuden , déi lo mussen bei der Ausweisung gemach ginn, optauchen, kommen mir natierlech ob dësen Punkt zréck.

- Dësweideren ass décidéiert ginn, fir d'Betrieber, déi investéieren, an vill vun enger Waasserschutzzone betraff sinn, eng intégréiert Betriebsberodung zur Verfügung ze stellen. Sou kann d'Betriebsplanung am Aklang mat eventuellen Oplagen ugaangen ginn.

Dir gesitt, ob eng komplizéiert Froenstellung **gët et keng einfach Äntwert**, an einfach Fuerderungen, Schlaachwierder a Polemik sinn déi falsch Äntwerten ob komplizéiert Zesummenhäng. **Et geet an dësem Dossier nëmmen mateneen, an der Kooperatioun, zesummen mat allen Acteuren.** Déi betraffen mussen mateneen schwätzen, d'Argumenter an d'Fuerderungen austauschen,

Dofir trieden ech an.

Dofir probéieren mir gezielte Léisungen fir spezifesch Problemer unzebidden, mir mussen weiderhin an nach méi gezielt virbeugenden Drénkwaasserschutz maachen, fir proppert Drénkwaasser ze kréien, an et den Bauerenbetrieber weider ze erméiglechen , rentabel kennen ze schaffen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren